PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°2413
Entrée le 05.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.06.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit & Sport weiderzeleeden.**

D'Geschicht huet awer ëmmer nees gewisen, dass Sport a Politik net getrennt vuneneen existéieren. De Sport gëtt direkt an indirekt duerch Steiergelder finanzéiert. Aus dësem Grond ass et och logesch, dass am Sport gesellschaftlech Wäerter, wéi zum Beispill Respekt, gelieft an héich gehalen solle ginn.

Am Mäerz 2024 ass ee Fussballspiller vun der Lëtzebuerger Nationalequipe zu 18 Méint Prisong mat Bewärung an enger Geldstrof verurteelt ginn, ënnert Anerem, well hien seng fréier Partnerin geschloen huet. Dëse Spiller gouf fir d'Nationalequipe nominéiert, wat an der Ëffentlechkeet aktuell fir vill Diskussiounen suergt, well mer vu gesellschaftleche Wäerter an och dem Respekt viru Frae schwätzen schwätzen. Ee Journalist gouf elo rezent, an dësem Zesummenhang, explizit vun der FLF vun engem Pressemeeting ausgeschloss.

Verschidden Deputéierten aus de verschiddenste Parteien, och der DP, der Partei vun der Ministesch fir Gläichheet tëschent de Geschlechter, hunn an de soziale Medien ëffentlech Stellung zum Verhalen vun der FLF an hirem Nationaltrainer bezunn, grad wat de Respekt viru Frae souwéi Affer vu Gewalt ugeet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Fënnt de Sportminister, dass no dëse Faiten den Nationaltrainer vun der Nationalequipe nach haltbar ass?

2. Fannen d'Ministeren, dass d'FLF mat deem aktuellen Optriede gesellschaftlech Wäerter, wéi Respekt, Schutz vun Affer vu Gewalt, Respekt viru Fraen, Demokratie a Pressefräiheet respektéiert?

3. Wäerten de Sportminister oder aner Regierungsmemberen an nächster Zäit bei Sportsevenementer oder Präisiwwerreechungen am Lëtzebuerger Fussball dobäi sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten